N°780
Entrée le 23.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.05.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës <u>dringend</u> parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Justiz weiderzeleeden.**

Säit längerem gëtt op europäeschem Niveau probéiert, eng Majoritéit fir den ëmstriddene Projet vun der sougenannter Chatcontrol ze fannen. All digitale Messenger-Ubidder soll domat obligéiert ginn, d'Norichte vu senge Benotzer:innen automatiséiert ze iwwerwaachen.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro № 8350 iwwert d'Chatcontrol hat déi deemoleg Regierung gesot, dass si sech an deem Dossier "fir eng méi cibléiert Detektioun vu pedopornographeschem Material a Grooming" géif asetzen, "fir eng generell Iwwerwaachung ze vermeiden". Den deemolegen Text hat domat keng Ënnerstëtzung vu lëtzebuergescher Säit kritt.

Well de Projet insgesamt a senger ursprénglecher Form op ze vill Kritik gestouss war, goufe rezent dofir kleng Ännerungen un der *Regulatioun laying down rules to prevent and combat child sexual abuse* virgeholl, mam Zil, esou e Konsenz fir d'Chatcontrol ze erreechen. Duerch Leaks ass elo bekannt ginn, dass den neien Text den 8. Mee 2024 virgestallt gouf an de 24. Mee eng weider Kéier beschwat soll ginn, mam Zil, d'Chatcontrol schonn am Juni vun dësem Joer beschléissen ze kënnen.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ween wäert fir Lëtzebuerg un der Reunioun vum 24. Mee deelhuelen?

2. Wéi eng generell Positioun wäert Lëtzebuerg den 24. Mee an dësem Dossier anhuelen?

3. Ass d'Regierung der Meenung, dass déi nei proposéiert "Uploadmoderation“ sech vum „Client-Side Scanning“ ënnerscheet a wäert d'Regierung déi Propose de 24. Mee ënnerstëtzen?

4. Ass d'Regierung der Meenung, dass ee beim nei proposéierte System, dass all d'Notzer:innen der Iwerwaachung per Klick explizitt zoustëmme solle mussen, vun engem fräie Choix schwetze kann, wa gläichzäiteg gefrot gëtt, dass d'Messengerdéngschter ouni dës Zoustëmmung net méi a vollem Ëmfang genotzt solle kënne ginn?
   Wäert sech d'Regierung de 24. Mee fir oder géint dës Propose ausschwätzen?

5. Wäert d'Regierung de 24. Mee bei der Positioun vun der viregter Regierung bleiwen, dass eng generell Iwwerwaachung muss vermidde ginn, esou dass e systematescht Scanne vu Biller a

Videoen an en automatiséiert Ausleeden un d'Police net ënnerstëtzt wäert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten